N°8206
Entrée le 03.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/08/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'Fro n°6873 huet d'Madamm Minister mir een Tableau zoukomme gelooss mat all den Oflaafdatumer vun de Vaccinen zu deem Moment. Dësen Tableau huet Informatiounen bis zum 31.07.2023 enthaalen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun de Flaconen, déi een am Tableau vun der Äntwert vum 19ten Oktober 2022 kann noliesen, sinn um Enn zerstéiert ginn? Respektiv un d'Hiersteller fir eng Zerstéierung zréck gi ginn?

2. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?

3. Wéi vill Vaccinen huet d'Regierung bis elo missten insgesammt zerstéieren? Kann d'Regierung oplëschten ëm wéi vill Flaconen vu wéi engen Hiersteller et sech heibäi handelt?

4. Wéi héisch war de Käschtepunkt bis elo insgesamt vun deenen zerstéierte Flaconen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten